



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

Rapport vun der Sëtzung vum 11. November 2019

- Présents: MM: JUNGELS Henri, HAAG Serge, DIDIER Lucien, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, GILLES Joël, HEIDERSCHIED Dan, . KEISER Claude, MORANG Misch, TREIS Laurent, SPAUTZ Richard,
Mme MORIS Laurence.
- Excusés:
- Invité: M. GONÇALVES Sandro

1. Invité.

- Den Här Sandro Gonçalves iwverhëlt demnächst d'Sekretariat vum Richard Spautz. Hie krut vum aktuelle Sekretär eng Kéier kuurz beschriwwen wéi de Courier am Sekretariat iwver d'Joer leeft, mat den Erklärungen, datt fir all Coursen (Strooss, Cross, a Championnater) eng Demande d'Autorisatioun de Course bei der Fédé ugefrot muss gin:
 - mee virdrun de „pré admis“ vu Police a Ponts et Chaussées muss virleien,
 - an, datt d'Verkéisersreglement vum Dag oder Weekend muss virleiën (Gemeng a P&Ch). Wann ee Fléchage vum Veräin virgesin as muss déi Permission de Voirie mindestens 3 Méint am viraus ugefrot gin),
 - an am Fall vum engem Cross muss eng Genehmigung vun der Gemeng virleien fir hier Terrainën dürfen ze benotzen,
 - an am Fall vun enger Zone Natura 2000 oder enger Z-PIN eng Autorisatioun vum Umweltministär muss virleien (3 Méint am viraus ufroën). Dëst as och néideg wann eng Stroossecourse iwver Feldweeër fiert wou den normale Verkéier net zougelooss as.
- De Sandro kritt demnächst d'Tableauën an de wichtigste Courier vun eisen ab 2020 aktuelle Coureuren, eisen aner Lizenzéierten (Loisir, Directeur Sportif, Mécano a Soigneur) an d'Lëscht vun eise Memberen a Sponsoren iwverdroën.

2. Courrier.

- Eise Course Weekend as de 16. a 17. Mee 2020. Mir wäerten do eng Ännerung am Programm maachen wéi och am Startprogramm.
 - Vu, datt Sonndes Moies (9:00), nom aktuelle Programm, nëmme méi zwëschen 50 a 60 Elites/Espoirs Coureuren um Start waren, wollte mir déi Kategorie net méi starte loossen, mee an hierer Plaz d'Débutant'ën ab 9:30 Auer op dem grouse Parcours fueren ze loossen (3 Tiir a 13,1 km = ~73') an d'Haaptcourse ab 13:30. Auer.

- Samschdes géifen da just d'Jeunes (~45'), d'Minimes (~47') an d'Cadetën (~1°10') fueren. Do bräichte mir dann och net ëm 13:30 Auer mat de Jeunes ze starten mee vläicht ab 14:30 oder 45 Auer. Do wäeren dann och méi Kanner do, vu, dass a verschidde Gemengen awer nach Samschdes Nomëttes Schoul as.
- Fir de Kalennerkongress, Donneschdes, den 28. November ëm 19:30 Auer zu Steenem (Steinheim zwëschen Iechternach a Rouspert), goufen déi verschidden Aennerungen déi vu verschidde Veräiner virgesschloe goufen, an zwar wat d'Autorisatiounen fir déi ënnescht Kategorien kënnen am Ausland fueren ze loossen, mussen vereinfacht gin an, dass d'Juryskommissioun soll d'Kommissären fir all d'Coursen (Strooss a Crossen) an net nëmmen fir d'Championnater bestëmmen, an dass d'FSCL den Artikel vum Ufank vun der Cyclo-cross Saison wellt änneren a soumat och d'Wiesselen vun de Kategorien ab Cadets 2 Joer, d.h. ab dem 1. Cyclo-cross am Joer. Mir hun zréckbehal, dass eis 2 Delegéierten (Dan Heiderscheid a Fredy Jungbluth) déi Doléancen ënnerstëtze sollen.
- Den Henri Jungels deelt eis mat, dass op der Sportleréiereng vun der Gemeng 2 kleng Filmer vun eisen Trainingen am Bambësch an an der Sportshall gewise gin.
- No Récksprooch mat der Sportskommissioun huet eise Sekretär nach nodréiglech de Glen Leven (Everest Challenge) an de Max Gilles (Vainqueur vun der 1. Etapp vum 22. Criterium des Jeunes wou, bis dato, elo éischter den 2. Lëtzebuurger, nom Bob Jungels 2009, eng Etapp do gewonnen huet.
- De Fredy Jungbluth mécht eng Bemierkung iwwert verschidden Lizenzen an op mir déi misste bezuelen? Dat sin d'Lizenzen déi fir 2019 ugefrot goufen an déi mussen mir bezuelen. Am Ufank vum Joer wann déi aner Lizenzen ugefrot gin muss gekuckt gin op do déi eng oder aner Lizenz misst gestrach gin. Wa Coureuren, déi eng Lizenz ufroen keng eenzeg Course an der Saison fueren missten déijéineg déi 40€ vun der Elitelizenz, bezuelen. De Benoît Theisen ass offiziell vum Dippecher Veräin an de Komitee vun der AOŠTdL gewielt gin an nëmmen den Dippecher Veräin kann do eng Lizenz bei der Fédé fir hien ufroen fir als Chauffeur um TdL oder soss enger Organisatioun vun AOŠTdL (Criterium des Jeunes fir Débutantën, General Patton fir Junioren, asw.) däerfe matzefueren.

3. Organisatioun vum Charity Indoor Cycling zu Miersch.

- De Sekretär mecht ee Courriel un all eis Coureuren fir Gebäcks fir dëst Événement zu Verfügung ze stellen. Mir soën alle Leit déi do matmaachen, materiell a finanzeil, villmools Merci.
- D'Calicotën gin Donneschdes, de 14. November ab 18:00 Auer an der Sportshall um Krouneberg opgehaang.
- Freides, de 15. November muss d'Material ëm 14:30 Auer um Wandhaff beim Catering vum CACTUS ofgeholl gin.
 - Um 15:00 Auer as dann Rendez-vous an der Sportshall um Krouneberg fir d'Camionnete auszelueden.
- Samschdes Moies, de 16. November, ëm 7:00 Auer gin d'Spinningsvëloën ofgelueden.
 - 10:00 Auer Inscriptiounen virbereeden, Tombola a Bongen vum S-Cape Bartréng.
 - D'Spinningsvëloën gi bezeechend an op der Mezzanine an am grouse Sall kënnt ee Plang mat den Nimm vun de leit hie Vëloën hänken.
 - D'Laurence Moris an de Men Bernard sin am Sall fir d'Collatiounen vun de Pausen fir all Stonn virzubereeden.
- Sonndes, Rendez-vous ëm 9:00 Auer fir an der Sportshall alles ofzehänken.

4. Kalennerkongress.

- Wéi am Punkt 2 scho gesot vertrieeden d'Hären Dan Heiderscheid a Fredy Jungbluth d'Intérêtë vum Dippecher Veräin.
- Soubal d'ënnerlagen vum Kongress ukomm sin gin déi un eis zwee Vertrieeder an un de Komitee weidergeleet. De Sekretär meld eis 2 Kandidaten Online bei der Federatioun un.
- De **Kongress gëtt ofgehal am Centre Polyvalent „FRAIHOF“ zu Steenem (Steinheim situé entre Echternach et Rospport) à 19:30 heures.**

5. Sécherheet vun de Coureuren bei eisen Trainingen.

- Fir dëse Punkt as virgeschloe gin eng separat Versammlung ofzehalen an all déi Leit z'invitéieren déi an den Trainingen matfueren. Virgeschloen as den Datum vun Dënschdes, den 10. Dezember ëm 20:00 Auer an eise Lokal. Invitéiert sin do folgend Leit:
 - Henri Jungels, Serge Haag, Richard Spautz, Laurence Moris, Lucien Didier, Fredy Jungbluth, Marc Lamesch a Sandro Gonçalves.

6. CCX den 11. Januar 2020.

- Et gi 4500 Broschüren drécke gelooss fir zu Miersch auszedeele a fir d'Sponsoren an eis Inserenten.
- Well esou eng Broschür zimlech schwéier as géif dat eng relativ ominös Ausgab fir d'Verdeelung mat der POST ze maachen.
- Fir do e bësse Geld ze spueren hoffe mir, dass eis **Coureuren an d'Elteren eis do hëllefen déi Broschüren a Miersch auszedroen**. Wa mir matgedeelt kréien wéini d'Broschüren prett wären **géife mir eis Leit kurz virdrun informéieren wou mir eis treffen a wéi mir eis sollen opdeelen. Dëse Punkt verleeë mir op den nächsten Ordre du Jour.**
- De Fredy Jungbluth, Trésorier, verschéckt virdrun Kontrakter fir **Reklamen an eis Broschür** ze maachen. De **leschten Délai** fir déi eranzeschécken as den **1. Dezember**. Den 2. Dezember huet eise Praeses Rendez-vous an der Dréckerei.

7. Uniformen.

Et ware vill Coureuren op Betten komm fir d'Umooss. Do hu vill Coureuren och ugin sie wëllten eng Eendeelerkombi fir de Cross mat laangen Äerm a laange Been an eng Eendeelerkombi fir d'Zäitfueren.

Mir bleiwen awer do bei eisen Décisiounen vu fréier, d.h. de Coureur kann sech esou eng Kombi fir de Cyclo-cross bestellen. Mee, well bal bei all Chute déi Kombi misst ersaat gin kréien d'Coureuren fir de Cyclo-cross eng eendeleg Kombi mat kuerze Been a kuerzen Äerm. Iwwer d'Been a d'Ärem strëppe sie „Beinlinge“ an „Armlinge“ déi bei enger Chute dann och sofort kënnen ersaat gin. Wann ee Coureur gären eng eendeleg Kombi fir d'Zäitfueren hätt muss hien déi selwer bestellen an och bezuelen. Wéi dat soll goen muss mir mam Fournisseur ofschwätzen well an deene Fäll hun d'Coureuren oft eegestänneg Sponsoren dropgesat oder soss verbueden Zeechen.

8. Divers.

- Den Dan Heidescheid deelt eis mat datt d'Architektur vun eiser Camionnette net méi geännert ka gin.
- D'Bréck fir d'Championnater am CC zu Miersch gëtt fir um Congé collectif vum Entrepreneur opgeriicht.
- Fir de Pistestage vun der FSCL fir d'Junioren zu Büttgen leet de Veräin pro Dippecher Junior 100€ bäi. De Verband freet eng Eegebedeelung vun 300€.
- De Laurent Treis deelt eis mat, dass bis dato 15 Equipen sech ugemellt hun fir de 5. GP Bob Jungels.
- De Laurent Treis freet sécherheetshalber eng Offer bei Maxx Time un (Kamera an Transponderen. Wat KölnTon ugeet muss mir eis eppes aneres afale loossen well dës Firma mat engem geschlossene Funksystem schafft an d'Federatioun eis, bis elo, näischt Besseres kann ubidde muss mir nach ofwaarden. Wéi et schéngt leeft bei der Fédé eng Commande?
- Mir lounen Plastikbecheren beim Abby Toussaint fir de „Glühwäin“ déi méi déck am Material sin an och duerno erem kënnen benotzt gin.

Ëm 22:00 Auer war d'Réunioun eriwwer.

Eis nächste Versammlung as e

Méindeg, den 2. Dezember ëm 19 :00 Auer.

Adresse, 64A, route de Luxembourg, 1 Stack lénks.



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Notéiert iech wgl. och dës 2 Datumen:

1. Eis Versammlung iwwert d'**Sécherheet an den Trainingen** mat eisen/onsen jonke Coureuren as:
 - a. **Dënschdes, den 10. Dezember ëm 20:00** Auer an eisem Lokal:
 - i. Ageluede sin do:
Henri Jungels, Serge Haag, Richard Spautz, Sandro Gonçalves, Lucien Didier, Laurence Moris, Marc Lamesch, Fredy Jungbluth (Wien eventuell nach?).
2. Eis Scheckiwwerreechung am SOS Kannerduerf zu Miersch, rue Hermann Gmeiner as:
 - a. **Mëttwochs, den 18. Dezember 2019 ëm 19.00 Auer.**

Dagesuerdnung vum Méindeg, den 2. Dezember 2019

1. Upassung vum Rapport vum 11. November 2019.
2. Courrier.
3. Bilan "Charity Indoor Cycling" vum 16. November 2019.
 - a. Entschuedung wat mir kéinten als Don iwwerreechen?
4. Datum vun der Scheckiwwerreechung am Kannerduerf.
 - a. D'Kannerduerf huet eis ee festen Datum matgedeelt:
 - i. **Mëttwochs, den 18. Dezember ëm 19:00 Auer.**
 - ii. Wie vun eis kéint do sin?
5. Revisioun vun eise Lizenzen: Affiliatioun, Cyclo-Loisirs, Offiziell. D'Casco fir DS-Lizenzen gëtt elo integral vum Ministär iwwerholl, net nëmme méi fir déijéineg aus enger FSCL-Kommissioun.
6. D'Championnater am CX zu Miersch um Krounebiërg Samschdes, den 11. Januar 2020. De „Guide Technique“ muss bis de 2. Dezember stoen well deen ee Mount virun der Organisatioun an der Juryskommissioun virleie muss. Verkéiersreglement vu P&Ch a Gemeng sin OK, och de Pré admis vun der Police. D'Permission de Voirie fir onse Fléchage feelt nach.
7. Eis Hauptcourse am Mee 2020. Do as ee Chantjen op der N15 zwëschen Duelem am Botterkräiz (Kräizung viru Garnech). Ee Plang „B“ as proposéiert gin fir a Richtung Héiweng dee Chantjen ze ëmgoën an dat géif ee Gesamtparcours vun 13,1 km gin an déi Stroosse sin a ganz guddem Zoustand. De Lucien Didier huet proposéiert iwwert ee Feldwee kurz virun Duelem bis erof nom Botterkräiz erëm op den CR 102 ze kommen deen op Holzem geet. Hien hat och proposéiert de Crochet virun der Entrée vun Holzem (CR102 mam CR103) net méi an de Programm ze huelen well kee weess wéi d'Wieder gëtt an d'lescht Joer waren do vill Chuten a mir hu mussen d'Strooss botzen. Gottseidank as do kee Motorrad gefall. Déi Déviatioun iwwer de vir beschriwwene Feldwee, as am Fall vu schlechtem Wieder net besser wéi deen ënnen virun Holzem.
8. Definitive Bescheed iwwer eis nei Uniformen (Faarw an Entworf) fir kënnen d'Commande fortzeschécken. (Présentatioun vun eise Gefierer as entweder de 6. oder 13. Mäerz.
9. Den Datum vun der Virstellung vun eise neie Gefierer (RENAULT Talisman a RENAULT Master) as vum **Garage THOMMES** op de 6. oder den 13. Mäerz 2020 virgeschloe ginn (+ d'Uniformen??).
10. Verschiddenes.

Eis ordentlech Generalversammlung (AGO) hu mir op **Freides, den 28. Februar 2020 ëm 19:00 Auer** festgeluecht. An eiser iwwernächster Versammlung (am Januar) musse mir décidéieren: Wien luede mir do an? Musse mir Ännerungen bei de Präisser vun eise Memberskaarte maachen?; Wéi gi mir vir wann ee Lizenséierte séng Memberskaart net bezillt?; ee Coureur eng Lizenz ufreet an iwwerhaupt net fiirt?, asw. D'Memberen (Lizenséiert a net Lizenséiert) mussen déi Virschléi mindestens 14 Deeg virun der AGO zougeschéckt kréien.